Lëtzebuerg, 27. Juli 2020

Gemeinsame Communiqué vun den Organisatiounen, déi dat edukativt a psycho-sozialt Personal aus dem Lëtzebuerger Schoulwiese vertrieden.

De Minister Claude Meisch brécht säi Wuert!

Eis edukativ a psycho-sozial Aarbecht ass wäertvoll fir d'Kanner a fir déi Jugendlech
a brauch endlech een entspriechenden am Sozialdialog ausgehandelten Aarbechtskader

No den Notes vum MENJE zur « *Envergure de la tâche du personnel éducatif et psycho-social intervenant auprès d'élèves à besoins spécifiques* » vum 3. Juli 2020 an zur *« Envergure de la tâche du personnel éducatif et psycho-social des SePAS et SSE »* vum 10. Juli 2020 koum et, no der Interventioun vun de Gewerkschaften, vu Säite vum Ministère duerch déi nei Note *« Compléments d'information - Envergure de la tâche du personnel éducatif et psycho-social »* vum 21. Juli 2020 zu engem deelweisen Zeréckrudderen a Bezuch op déi éischtgenannten Note vum 3. Juli 2020, allerdéngs net a Bezuch op déi Note, déi d'SePAS'en an d'SSE'e concernéiert.

Mir, déi concernéiert Gewerkschaften a Personalrepresentatiounen, bezéien heimat zesumme folgend Stellung zu der aktueller Situatioun:

- Mir si **schockéiert iwwert d'Art a Weis**, wéi de MENJE - ouni iergendeng Form vun deem esouguer gesetzlech virgesinnenen Dialog - einfach iwwert all d'Käpp ewech wichteg Entscheedungen zum Personal an zu deem senger Aarbecht probéiert ze fällen! De Minister probéiert säi ganzt edukatiivt a psycho-soziaalt Personal virun ee Fait accompli ze stellen, an dat ausgerechent den 13. Juli no enger Phase vun aussergewéinlechem Engagement vum ganze Personal während der Pandemie! **Dat ass kee Respekt a kee Sozialdialog!**

- Mir ënnersträichen, datt **déi festgehalen Aarbechtsbedingungen** total laanscht d'Ufuerderunge vum Terrain ginn, an **net fir eng qualitativ Aarbecht am Sënn vun de concernéierte Kanner a Jugendlechen an eisem ganze Schoulwiese suergen**!

- Mir stellen déi **haarsträubend Interpretatioune vum Aarbechtsgesetz** duerch de MENJE, souwéi d'Rechtméissegkeet vun dësen Notes staark a Fro a behalen eis hir juristesch Préiwung vir!

- Mir wëlle **keng Zwouklassegesellschaft fir dat edukatiivt a psycho-soziaalt Personal am Enseignement**; mir wëllen net, datt eis jonk Kolleegen a Kolleeginnen nach méi schlecht Aarbechtsbedingungen operluecht kréien ewéi déi Leit, déi aktuell schonn agestallt sinn!

- Mir sinn **net averstanen, datt d'Aarbechtskonditioune vu laangjärege Mataarbechter drastesch verschlechtert ginn, wann si hir Aarbechtsplaz innerhalb vun der Educatioun wiessele wëllen**!
- Mir sinn der Iwwerzeegung, datt **d'Aarbechtskonditiounen eng qualitativ gutt Aarbecht bei alle Schüler a Schülerinnen erméigleche mussen** an dëst ganz besonnesch bei den Élèves à besoins éducatifs spécifiques, esou wéi bei alle Schüler a Schülerinnen, déi eng psychosozial Ënnerstëtzung an/oder eng spezifesch schoulesch Begleedung brauchen! Mir brauchen Aarbechtskonditiounen, déi et eis erméiglechen, den Usprëch vum **Bildungsoptrag, wéi en am Artikel 24 vun der UN-Behënnerterechtskonventioun fir Kanner a Jugendlecher mat spezifesche Besoine virgesinn ass**, gerecht ze ginn.

Dofir fuerdere mir de Minister Claude Meisch op

- déi **3 Notes integral zeréckzezéien** an **endlech ee Sozialdialog** fir eng adequat Tâchendefinitioun a -beschreiwung unzefänken; bis dohinner sollen déi aktuell Aarbechtskonditioune gëllen;
- **sech selwer deenen Diskussiounen am Kader vun engem Sozialdialog ze stellen**, amplaz seng Chefs de service virzeschécken;
- säi Verspriechen anzehalen an **ze legiferéieren**, esou wéi hien dat a senger Äntwert vum 18. Mäerz 2019 op d'Question parlementaire N° 219 vum 17. Januar 2019 versprach huet;
- **d'Aarbechtskonditioune vum Personnel EPS net ze verschlechteren**, esou wéi hien et schrëftlech an enger Lettre ministérielle vum 3. August 2018 versprach huet;
- **dem Personal keng Avenante méi virzeleeën**, fir hir Aarbechtskonditiounen ze änneren an domat an der Reegel dann ze verschlechteren!

Amplaz d'Aarbechtskonditioune vum edukativen a psycho-soziale Personal am Enseignement vun uewenerof ze bradéieren, soll de Minister Claude Meisch säi Wuert halen an – endlech – mat alle Sozialpartner schwätzen a legiferéieren!

MATGEDEELT VUN ALEE/CGFP, SLEG/CGFP, SPEBS/CGFP, APPSAS, APCCA/SEW/OGBL